

Tornado zu Käerjeng a Péiteng – Wichtig praktesch Informatiounen

Krisenzentrum & Helpline Gemeng Käerjeng

De Krisenzentrum mat Helpline vun der Gemeng Käerjeng sinn zanter dem Freideg Owend am Käerjenger Treff (54C, avenue de Luxembourg) installéiert

Öffnungszäiten : 8 – 18 Auer

Telefonsnummer : 621 455 716

Mail : helpline@kaerjeng.lu

Wat muss als éischt gemaach ginn wann Dir Schued hudd ?

Kontaktéiert dringend Ären Agent vun Ärer Assurance fir datt hie mat lech zesummen déi eenzel Schied ka feststellen an lech och beréit wat Dir dono nach musst maachen. Onbedingt all Schued fotograféieren !

Dir zweifelt un der Stabilitéit vun Ärem Haus

Kontaktéiert dringend d'Helpline um 621 455 716, déi lech dann e Statiker laanscht schécken.

Relogement vu geschiedegten Awunner bei privat Persounen

Déi Persounen, déi net vun der Gemeng relogéiert goufen a bei privat Leit (Famill oder Frënn) en Ënnerdaach fonnt hunn, sollen sech, falls dëst nach net geschitt ass, op der Helpline um 621 455 716 mellen.

Certificats dégâts intempéries fir Patronen an Assurancen

D'Gemeng Käerjeng stellt senge Bierger, déi gréisser Schied duerch den Tornado erlidden hunn e Certificat dégâts intempéries aus, déi déi betraffe Persounen hirem Patron oder hirer Assurance kënnen zoukomme loossen. Bureau 016 an der Gemeng zu Käerjeng tëschent 8h00 a 16h00 Auer.

Asammle vun de Schied vum Tornado

Déi technesch Servicer vun der Gemeng Käerjeng sammele déi verursaachte Schied vum Tornado regelméisseg laanscht déi sinistériert Stroossen an a féieren dës op speziell ageriichte Sammelp Hazen. Ënnerstëtzt gi se heibäi vun der Arméi a fräiwëllege Leit.

Et ass net erlaabt selwer säin Offall op déi eenzel Sammelp Hazen ze féieren.

Beschiedegt Beem

D'Bëschaarbechter kontrolléiere sämtlech Beem am Beräich vun der Tornadoschneis a këmmere sech och ëm den Transport vun den Äscht a Beem op déi concernéiert Sammelp Hazen.

Et ass net erlaabt selwer säin Offall op déi eenzel Sammelp Hazen ze féieren.

Aussergewéinlech Öffnungszäiten am ECO Center

Dënsdeg, 13.08. : 13h00 - 20h00

Mëttwoch, 14.08. : 08h00 - 18h00

Freideg, 16.08. : 10h00 - 20h00

Samsdeg, 17.08. : 07h15 - 19h00

Fräiwëlleg Hëllefsléit

Déi Léit, déi fräiwëlleg bereet sinn eng Hand bei den Opraumarbechten un ze paken sollen sech op der Helpline um 621 455 716 mellen.

Opgepasst

Leider profitéiere momentan e puer Onéierlecher vum Misär vun de Leit. Onseriéis Firme proposéieren hier Hëllef fir Diech ze flécken, Fënsteren ze ersetzen, ..., mee froen heifir am Viraus en Akkont (an tauchen dann nie méi op) oder wëllen sech just « cash » bezuele loossen ouni datt Dir iergend e Stéck Pabeier ze gesi kritt.

Dëst mécht keng sériös Firma ! Hänn ewech vun esou dubiose Firmen.

Ufro vu finanzieller Hëllef beim Familljeministère

Déi genau Prozeduren an och de Formular, deen dir musst ausfëllen, fannt dir um Internet ënnert :

<https://mfamigr.gouvernement.lu/fr/le-ministere/attributions/solidarite/catastrophes-naturelles.html>

E Member vum Office social vun der Gemeng Käerjeng steet de betraffene Leit déi nächst Deeg am Krisenzentrum am Treff zur Verfügung fir de betraffene Leit beim Ausfëlle vum Formular ze hëllefen.

Ufro vu finanzieller Hëllef bei der Gemeng Käerjeng

D'Schäfferéit vun de Gemenge Käerjeng a Péiteng, zesumme mat den Associatiounen « Käerjeng hëlleft » a « Fir e gudden Zweck – Gemeng Péiteng » hunn eng Solidaritéits-Aktioun lancéiert fir de Leit, déi vun de Suite vum Tornado vum 9. August 2019 betraff sinn, ze hëllefen.

Et geet hei dorëms fir Fongen ze sammelen, mat deene Schied kënnen beglach ginn, déi vun den üblechen Assurancen net gedeckt sinn.

E Comité de gestion, zesummegeesat aus Membere vun den 2 Schäfferéit an aus Membere vun den 2 Comitéen analyséiert an évaluéiert déi eenzel Dossieren.

Zousätzlech Informatiounen betreffend d'Verdeele vun dese Fongen gëtt schnellst méiglech op www.kaerjeng.lu a www.petange.lu publizéiert.

Sammele vu Spenden

Persounen, déi déi Sinistériert finanziell wëllen ënnerstëtzen, kënnen en Don maachen op d'Konte vun den 2 Associatiounen :

- Käerjeng hëlleft: CCPL LU78 1111 7024 7295 0000

- Fir e gudden Zweck - Gemeng Péiteng: BILL LU27 0026 0100 6485 5800

Communication : "Tornado Käerjeng / Péiteng"

Et geet hei dorëms fir Fongen ze sammelen, mat deene Schied kënnen beglach ginn, déi vun den üblechen Assurancen net gedeckt sinn.

Sammele vu Kleeder, Miwwelen, Spillsaachen,

Momentan gi keng Kleeder, Miwwelen, Spillsaachen, gesammelt. Sollten hei Besoine optrieden, gëtt en Appel iwwert déi offiziell Kaneel vun der Gemeng publizéiert (Raider, Internet, facebook, Press).



Kontakt : Gemeng Käerjeng – 24, rue de l'Eau – L-4920 Bascharage – info@kaerjeng.lu – T. : 500 552 316